

CSV-Nationalkongress, Samschdeg, 17. Oktober 2020

Ried vum CSV-Parteipresident Frank Engel

Et gëllt dat geschwatent Wuert

Mir komme fir dëse Kongress zesummen, nodeems mer déi lescht Woch héieren hunn, wéi d'Regierung sech d'Welt an d'Land virstellt. D'Zukunft och. A mir hu nees eng Kéier misse feststellen, datt dës Virstellung eng ass, déi net duergeet, fir mat den Erausforderunge vun eiser Zäit eens ze ginn.

Geschweig nach, mat deene vun der Zukunft.

Mir wëssen elo e puer Saache méi, wéi virun e puer Deeg. Esou wësse mer zum Beispill, datt d'DP am Fong alleng regéiert. Fir eng Partei, déi bei de leschte Chamberwahlen 16,9 Prozent vun de Stëmme kruut, ass et am Fong e regelrecht Husarestéck, sech bannent deene leschten zwee Joer carrément zur Staatspartei eropgeschwongen ze hunn. Dat seet vill aus iwer den Usproch vun där DP. Et seet och villes aus iwwer déi total Absence vun irgend engem Usproch vun deenen, déi mat der DP regéieren.

De sougenannten Etat de la Nation, bei deem jo nees eng Kéier keng Politik beschriwe ginn ass, déi irgend eppes kéint bewirken, war en Abléck an d'Weltsicht vun der DP, déi mengt, ouni Politik géing et dem Land ëmmer am

beschten. Et war eng Beschreiwung vun enger politescher Wüst, an d'äer d'Regierung kollektiv virun de Problemer vun eiser Zäit ofdankt, a keng Sekonn dermat verschwend, fir sech mat deene vu muer och nëmmen usazweis auserneen ze setzen. Dat Intressant drunn ass eben déi kollektiv Abdikatioun. LSAP a Grénger maachen dat mat, a sie klatschen haart.

Den DP-Staat konnte mer a senger ganzer selbstgefälliger Pracht bestaunen, wéi de Staatsminister Bettel decidéiert huet, dem Grand-Duc säin Haus ze organiséieren. GANZ ALLENG HIEN. Ouni datt de Pouvoir constituant do konnt op irgend eng Manéier Afloss huelen, ouni datt och nëmmen de Staatsrot konsultéiert gi wir, huet d'Regierung am selwechten Dag en Arrêté grand-ducal ugeholl, dee publizéiert, an d'Nominatiounen um Haff vollzunn. Ouni, datt déi Posten an der Nomenklatur vum ëffentlechen Déngscht och nëmmen existéieren. Am flagrante an eklatante Broch vun der Lëtzebuerger Verfassung. Oder mengt Der wierklech, de Staatsminister hätt reng zoufälleg déi eenzeg Form vun engem normativen Text gewielt, déi net MUSS vum Staatsrot aviséiert ginn? Nodeems eis Leit an der Verfassungskommissioun em andrénglech gesot a geschriwwen hunn, dat géif net goen, a mir waren domat net alleng? Nee. Hei huet e bewosste Rechtsbroch stattfonnt, mat deem de Grand-Duc definitiv an ëffentlechkeetswierksam dem bloe Staatsminister soll ënnerstellt ginn. Dat ass den DP Staat a senger ganzer Iwwerhiefflechkeet, a senger ganzer Willkür, a senger ganzer

Rücksichtslosigkeit. Jidderee muss wëssen, datt e sech ganz einfach
ënnerzeuerdnen huet.

Net mat eis. Net de Grand-Duc. De Staatschef brauch eng modern
Administratioun an transparent Ofleef an däerselwechter, keng Fro. Mee et
muss een ëm net institutionell Gewalt undinn, fir dat ze erreechen. Eng
verfassungskonform Rechtsnorm wir absolut méiglech gewiescht. A mir
bleiwen derbäi, datt mer déi gäer hätten. Am Intérêt vun der Institutioun vum
Staatschef, vun der Monarchie, zu där mer stinn, a vun der Chamber, déi net
ka passiv dernieft stoen, wann eis Verfassung vergewallegt gëtt. De Leo
Gloden wäert och do derfir suergen, datt dat net passéiert.

Dat do wollt ech haut gesot hunn, well et net haut NET ka gesot ginn. De
Verfassungsbroch rondrëm d'Reorganisatioun vum Haff ass e grave Virgank –
vill méi grave, wéi dat an der öffentlecher a verëffentlecher Meenung gesi
gouf. Mee ech wollt soss haut net méi ganz vill rengen Oppositionsdiskurs
féieren. Eischer well ech mech mat eis beschäftegen. Wou mer stinn, wuerfir
mer stinn. Wat mer sinn, a wou mer wëllen hinn. Wat déi Felder sinn, déi mer a
nächster Zäit, zesumme mat all eise Memberen, sollte bestellen – esou, wéi
ganz vill Gespréicher am klengen a grouse Kreess an deene leschte Wochen
eis et och nogeluecht hunn. Fir t'éischt awer nach e puer Wuert iwer d'Welt
dobaussen, well och déi eis an dësen Deeg intensiv beschäftegt.

Dir Dammen an dir Hären,

De Rechtsstaat ass eis e besonnescht Uleies. Hien ass déi eenzeg legitim Form vu staatlecher Organisatioun an eiser Zäit. De Rechtsstaat bedeit d'Absence vu Willkür – Arbitraire op franséisch. E bedeit, datt jiddereen, all Bierger, awer och all Institutioun, sech un déi selwecht Regeln ze halen huet – Regeln, déi an engem demokratesche Prozess vum Gesetzgeber opgestallt ginn. Et entsprécht net nëmmen eiser staatlecher, mee och eiser aussepolitescher Traditioun, datt mer eis Partner an international Frënn esou eraussichen, datt se déi selwecht Grondiwwerzeegungen hunn, wéi mir. Esou hu mer dat an der europäescher Unioun ëmmer gehandhabt, a bis haut muss e Staat, fir do kënnen opgeholl ze ginn, fir datt och nëmme mat em doriwwer geschwat gëtt, politesch Kriterie vu Rechtsstaatlechkeet erfëllen. An esou verhandele mer de Moment mat enger Rei Staaten iwer e Bäitritt. Dorënner, op d'mannst formell, och mat der Tiirkei.

Dës Verhandlung sinn a ware fir vill vun eis ëmmer eng quokeleg Saach. Op d'Tiirkei géif an Europa passen, ob se kéint der Europäescher Unioun bäitrieden, vun hirem Wiesen hir, vun hirer Geografie hir, vun hirer majoritärer Relioun hir, war fir Chrëschtdemokrate nie evident. Elo ginn d'Saache méi kloer.

D'Tiirkei huet haut Problemer mat ALL hire Noperstaaten, a wäit doriwer eraus. Sie destabiliséiert de westleche Balkan duerch massiv islamistesche Ënnerwanderung. Vu Montenegro bis a Bosnien un d'kroatesch Grenz léisst se

Moscheeën bauen a Priedeger afléien, déi déi sozial Kohäsioun do op d'Spill setzen. Duerfir däerf et vun Europa keng Belounung méi ginn.

Zwee vun hire Noperstaten hält d'Tiirkei an Deeler besat, dorënner den EU-Memberstat Zypern, a Syrien. Am Kaukasus féiert se en Ugrëffskrich géint Armenier, och direkt géint d'Republik Armenien an hiren international unerkannte Grenzen, mat tiirkesche Fligeren. Si schéckt Dausende vun Jihadisten aus Libyen a Syrien un d'Front am Karabakh, fir datt déi do stierwen amplaz d'Zaldote vun Aserbaidshan, wat dese Krich ugefaang huet a mat brutaler Gewalt weiderféiert. All dëst huet d'Chamber virun zwee Deeg, op Initiativ vum Claude Wiseler, unanime an enger Motioun festgehal. An duerfir mengen ech, datt dat fir eis och muss Konsequenzen hunn.

D'Negotiatioune fir den EU-Bäitritt vun der Tiirkei leien zënter laangem op Äis. Abee, si musse ganz ofgebrach ginn. Mat enger totalitärer, krichféirender Diktatur kann ee net méi iwer e Bäitritt zu der EU schwätzen. An déi aktuell Tiirkei an hiren aktuelle President dierfen och soss keng Arrangementer méi an Aussicht gestalt kréien. Bis d'Tiirkei e normale Stat gëtt – wat ech deenen Dosende Milliounen Tiirke wënschen, déi dat och wëllen – muss kloer sinn, datt Europa si net wëllt. Deenen dote Leit ass net dermat gehollef, datt mer weider esou maachen, wéi wann. Den Ofbroch vun de Verhandlungen ass am iwregen och eng formell Revendikatioun vun der EVP, déi ech am Europäesche Parlament grad esou gedroen hunn, wéi haut de Christophe Hansen an d'Isabel Wiseler dat maachen.

Iwer d'NATO-Memberschaft vun der Tiirkei muss grad esou diskutéiert ginn. E Land, wat sech géint sech eege westlech Allianz verbünd, a wat eegestänneg – a stänneg! – Ugrëffskricher féiert, ass kee Partner méi. Et ka kee méi sinn. Sie ass haut e Géigner.

Déi zoustänneg Lëtzebuerger Ministere géifen do – wéi och an der EU, fir den definitiven Ofbroch vun de Baitrëtsverhandlungen – sécher a séier Alliéierter fannen. Ech mengen, datt se se dréngend sollen ufänken, ze sichen.

D'Europäer – och déi zu Lëtzebuerg, also mir alleguer – erwaarden sech vun der Politik konsequent Haltungen, och an der Aussen- a Sécherheetspolitik. Mir sollten esou Haltungen inspiréieren. Un der Regierung dann, fir se ze iwwehuelen.

Nu schwätzt et sech besser iwer Aussen- a Sécherheetspolitik, wann ee selwer seng Hausaufgaben an deem Beräich gemaach huet. Do si mer an der Kooperatiounspolitik quasi eng Groussmuecht, an der Fortsetzung vun enger resoluter CSV-Politik, an dat ass a bleift gutt esou. Dës Politik muss méi a Richtung vu wierklecher wirtschaftlecher Entwécklung ausgeriicht ginn, an de Paul Galles wäert do deemnächst éischt Propositionen an der Chamber maachen.

Bei Immigratioun an Asyl si mer e verlässleche Partner, a bei allen Differenzen, déi ee mam Stil vum Ausseminister kann hunn – d'Substanz vu senger Politik war déi selwecht, wéi e mat eis an der Koalitioun war, an sie ass richtig. Wa se deemools mat eis zesumme richtig war, dann ass se haut net falsch.

Wou et schwéier hapert, ass bei der Verteidegung. Eis Partei stoung ëmmer zu hiren internationalen Engagementer, an do existéiert nun emol och deen, bannent der NATO, fir eisen Effort fir d'Verteidegung an d'Luucht ze setzen, spiirbar an d'Luucht ze setzen. De Jean-Marie Halsdorf erënnert sech als fréiere Minister gutt dorun. An am Moment hu mer eis am politesche Raum mat engem militäreschen Investissement auserneen ze setzen, wat grëndlech schief gaangen ass. A wann en Investissement schief geet, well deen zoustännege Regierungsmember, dee sech entretemps vum Aker gemach huet, do d'Parlament hannergaang a belunn huet, dann därerf een – an da muss een – derzou stoen, datt deen Investissement an där Form net ka weidergefouert ginn.

Déi Aarbecht, déi d'Budgetskontrollkommissioun ënner der Leedung vum Diane Aehm an deem Beräich gelescht huet, wir jo fir d'Kaz, wann een duerno einfach géif soen, abee gutt, dat hu mer elo awer mol gutt erausfonnt, an elo schreiw mer dann dee nächste Scheck. NEEN. De Verteidegungsminister vun haut soll senger NATO-Kollege matdeelen, datt de Verteidegungsminister vu gëschter deen Dossier ganz alleng a selwer verbockt an an de Sand gesat huet. Datt et deem seng Schold ass, wann dee Militärsatellit seng Ronne net dréit. An datt dat am Fong enger gudder Gewunnecht vum Etienne Schneider entsprécht, well en a sëllechen Dossieren honnerte Milliounen ouni 'Eier begruewen huet, wouriwer ee souwisou mol nach eng Kéier sollt schwätzen.

Dat heescht fir d'CSV ebe net, datt mer net zu eisen Engagementer stinn, mee et heescht, datt mer et grondsätzlech net méi akzeptéieren, an egal wéi engem Politikberäich, datt e Minister honnerte Milliounen verballert an sech da virum Parlament als Kontrollinstanz verkréicht.

Et heescht awer och, léif Frënn, datt mer als CSV mussen e Konzept fir eng wierklech, och eng lëtzebuergesch Verteidigungsidentitéit entwéckelen. Eng, déi ka mat méi internationalen Asätz ze dinn hunn, eng déi ka mat Lëtzebuurger Exzellenz a bestëmmte Beräicher vun der militärescher Aktivitéit ze dinn hunn, déi och kéint a Krisegebitter zum Asaz kommen. Eng, déi Perspektive fir Zaldoten an Offizéier géif schafen, an déi Lëtzebuurger Arméi op positiv an eegestänneg Manéier op déi europäesch a westlech Verteidigungskaart setzen. Wann ech an Afrika an an Afghanistan mat kommandéierenden Offizéier vun internationale Missioune geschwat hunn, hunn déi sech ëmmer iwer Lëtzebuurger Zaldoten an och Polizisten belueft. Och dat ass internationalt Kapital fir Lëtzebuerg.

Dir Dammen an dir Hären,

Elo zu eis. Mir hu Woche vun intensiven internen Diskussiounen hannerun eis, déi genee dat solle bleiwen: intern Diskussiounen. Datt mer d'äer méi, an zu méi sollen a musse féieren, krut ech an hunn ech mer selwer mat Nodrock an Erënnerung geruff. Mee eis Memberen hunn eis däitlech gesot, datt sie net wëlle stoe bleiwen, datt se wëllen, datt eis Partei sech weiderentwéckelt, datt sie hirer Roll als grouss Vollekspartei am 21. Joerhonnert gerecht gëtt,

andeems se do ass, wou d'Leit sinn. Dat heescht net physesch matten op der Maartplaz, nee – et heescht, ausgerüst mat Propositionen a Léisungen, fir deene Schwieregkeeten a Problemer, deenen Ängscht an Hoffnungen ze begéinen, déi d'Leit wierklech hunn. Un deene Propositionen a Léisunge fänke mere lo verstärkt un, ze schaffen. All Member ass dobäi wëllkomm, all Stëmm gëtt gehéiert. Dëst gëtt e partizipative Prozess, ganz vill vun eise Memberen hunn däitlech gemaach, datt si do wëllen derbäi sinn, a sie wäerten derbäi sinn. Esou, wéi se et och an den Touren duerch d'Bezirk 2019 waren, zu Honnerten. Esou, wéi se et op eisen éischte Gemengenassise waren, de 29. Februar, vun där et der scho méi ginn hätt, wa mer kee Virus kritt hätten. Mir fänken net elo eréischt hunn, d'Beitrag vun eise Memberen ze appreciieren.

A propos Virus. Mir sti wuel nees virun Decisiounen, déi d'Zesummeliwen am Land kéinte veränneren, wann d'Infektiounszuelen heiheem net erof ginn. Dat hei ass a gëtt keng Covid-Ried, mee trotzdeem well ech dat hei soen. Mir hunn zënter Mëtt Mäerz d'Politik vun der Regierung mat méi oder manner Kritik begleet. Am Ufank manner, herno méi, aus guddem Grond. Mir hu mangelnd Kohärenz beklot, onverständlech Regeln – erënnert iech un déi Saach mat de Spillplazen – an de Net-Respekt vu Gesetzer, notamment beim large scale testing, wou esou zimlech all Dispositioun violéiert gouf, déi applikabel gewiescht wir. De Georges Mischo huet dat op der Chambertribün ugeprangert. Mee mir stoungen ëmmer fir eng responsabel Haltung an dëser existenzieller Saach fir eis Gesellschaft, wéi de Claude Wiseler ëmmer nees a

vill beuechte Rieden daitlech gemaach huet. A mir mussen eis elo eng wierklech Relioun a Saache Covid ginn.

Wëlle mer méi oder manner restriktiv virgoen, wëlle mer méi Fräiheeten oder konsequent Aschränkungen iwerall do, wou lwerdrounge méiglech sinn a stattfannen? Wéi en tracing wëlle mer, wéi eng Kontrollen, wéi eng Strofen och fir déi, déi wëllentlech a wëssentlech de Virus weiderginn? Op der Verbreedung vun infektiéise Krankheete stinn a ville Länner Prisongsstrofen. Mee déi hunn och Seucheschutzgesetzter. Mir net. An et wir nawell net vu Muttwëll, wa mer eent kriiten. Mir hu net d'Ressourcen, fir esou eppes am Detail auszeschaffen, mee mir kënnen et skizzéieren, andeems mer eisen eegene Virstellungen a Fuerdrunge Gestalt ginn. An ech mengen, mir missten dat maachen. Net nëmmen, well eis Verrieder am Parlament dann ëmmer e Gelänner hunn, fir sech drun unzepaken, mee well d'Leit och vun eis erwaarden, datt mer e soen, wéi mir déi Saach gesinn. Déi ganz Saach. Net just fir Bistroyen a Butticker, mee fir d'Gesellschaft, wou jo irgendwéi muss Schoul gehal ginn an e PIB erwirtschaft. An de Mënsch brauch op Dauer och e sozialt Liewen, eng sozial Dimensioun vu sengem Liewen.

Léif Frënn,

Wat ass eng Vollekspartei? Virun allem eng chrëschtlech sozial Vollekspartei? Vill vun eis hu sech déi Fro gestalt, wéi se Member vun der CSV goufen, ech

och. Déi Äntwerten, déi ech mer deemools ginn hunn, ware net exakt déiselwecht, déi ech mer selwer haut ginn. D'Zäit war och viru 25 Joer eng aner. D'Erausfuerderunge waren anerer. Deemools gouf d'Enn vun der Geschicht beschwuer nom Enn vun de kommunistesche Regimer. Et war een iwerzeegt, de Maart géif vun elo u e segensräiche Siegeszuch iwer de Globus untrieden, an deem sengem Verlaf mer all vum selwe méi räich a méi glécklech géifen. Abee, e Véirelsjoerhonnert spéider stelle mer fest, datt dat do net geschitt ass. D'Geschicht ass glat net eriwier, a si acceleréiert nees eng Kéier d'Intensitéit vun hirem Verlaf.

Fir e chrëschtlech soziale Grondsazexposé feelt mer d'Expertise an déi theologesch Assurance. Dat ass gutt, well da gëtt dat hei och net esou laang. Doriwer, wat eng Vollekspartei ass, well ech awer e puer Wuert verléieren. Eng Vollekspartei ass eng Veranstaltung, déi sech beméit, fir e Problem oder eng Erausfuerderung eng Léisung ze fannen, déi fir jiddereen déi objektiv bescht wir. Enfin – esou objektiv, wéi mer et ebe kënnen erfaassen. Vollekspartei sinn heescht, kenger Klientel ze dingen, well mer eis un dat ganzt Vollek wenden. Dat schléisst also Lobbyismus, Klientelismus an d'Vertriedung vu Partikularinteressen aus. An et schléisst d'Gemengwuel, de gesamtgesellschaftlechen Intérêt, den Ausgläich an den Arbitrage tëschent verschiddene Revendikatiounshaltungen explizit an.

Domat kritt ee keng 80 a keng 90 Prozent vun de Stëmmen. An eiser allerbeschter Zäit koume mer u 40 erun, meeschtens louche mer tëschent 30

a 35, och alt drënner. Vollekspartei ass en Usproch, eng Vollekspartei ass keng Staatspartei – mir si jo net d’DP.

An eng Vollekspartei muss natierlech lauschteren, wat d’Vollek zielt a wëllt. D’Lauschtere muss awer och emol en Enn hunn, d’Vollek wëllt schliesslech och vun eis wëssen, wat mir da wëllen, wuerfir mir da stinn, FIR wat mir dann esou sinn – a net nëmmen, GÉINT wat mer ginn. An anere Wieder: mir kënnen a mir sollen eng Meckerkëscht HUNN. Mee mir kënnen net eng Meckerkëscht SINN.

Ech hunn a menger Untrëttsried am Januar 2019 gesot, d’CSV ass d’Partei vun de ganz normale Leit. Sie ass och d’Partei vun den einfache Leit. Dat sinn der ganz vill. A sie all haten an der Zäit – an och nach haut – en Dram. Mat deem Ënnerscheed, datt een sech e fréier am Normalfall konnt erfëllen. Dat geet haut an ëmmer méi Fäll net méi. Dësen Dram war kee vum Räichginn. Et war just deen, eng Schaff ze fannen, fir seng Aarbecht anstänneg bezuelt ze ginn, an domat anstänneg kënnen ze wunnen an ze liewen, am léifsten an den eegene véier Wänn. D’Erfëllung vun deem Dram war bis viru net esou laanger Zäit selbstverständlech – wee wollt, dee konnt. An dat ass net méi wouer. An dat ass eise Problem. An dee Problem musse mer wëlle léisen, wa mer de Mënschen am Land wëlle vermëttelen, datt mer hiert Vertraue verdénge, fir nees ze regéieren.

Vill Leit, bal 100.000, schaffen elo zu Lëtzebuerg fir de Mindestloun. Dovunner sinn eng Parti Frontalieren. Dovu sinn och wuel Leit, déi da nees op d’äer

anerer Säit vun eise Grenze wunnen, well se sech et bei eis net méi kënne leeschten. E Land, deem seng Leit ëm fortlafen, well se sech d'Wunnen heiheem net méi kënne leeschten, net am Kafen a net am Lounen, riskéiert en enorme Vertrauensverloscht bei deene betraffene Leit. Mat Mindestloun ass Wunnen zu Lëtzebuerg eng en onerfëllbare Wonschdram. An och mat zweemol deem.

Wéi wëlle mer de Leit op Dauer vermëttelen, datt dat eben nun emol esou ass, an datt se mussen eens ginn ? De Finanzminister seet am RTL-Interview, dat wir nun emol an allen europäesche Grousstied esou – d'Grousstied Bartréng, Walfer a Nidderaanwe soe merci fir de Verglach – a schliesslech wir et jo nach nie esou bëlleg gewiescht, fir Geld ze léinen. A wat fir enger Welt lieft dee Mann ? Wann ee muss eng Millioun léine goen, fir irgendwéi irgendwou an oder rondrëm d'Stad ze wunnen – wat huet een dann dervun, datt et manner Zënse kascht? Et ass een awer e ganzt Aarbechtswie laang, a bis an d'Pensioun eran, mat deem Prêt gehäit, deen Dausenden Euro de Mount frësst, a mat deem een et ka vergiessen, datt just ee vun de Partner Vollzäit schafft, wa Kanner do sinn. An deene Stéit, wou Kanner Deel vum Dram waren, an dat sinn déi meescht, do gi béid Eltere schaffen. Dee sogenannte Choix ass faktesch ofgeschaf.

Iwer 60.000 Leit hu sech op där anerer Säit vun der Grenz néiergelooss. Vun deene sinn der 12.000 Lëtzebuurger Staatsbierger, déi zu Lëtzebuerg schaffen. Déi Zuel huet sech a véier Joer verduebelt. Si klëmmt weider. Wat

wëlle mer deene Leit soen? Mir maachen e Pacte Logement 2.0, wälzen d'Responsabilitéit op d'Gemengen of, déi awer keng Handlungsméiglechkeeten hunn, a maachen e bëssi méi soziale Wunnengsbau ? E Stot mat engem Revenu vu 6.000 oder 7.000 Euro wëllt kee soziale Wunnengsbau ! Deen hätt gäer, datt e ganz normal, mat engem ganz normale Revenu, sech kann anstänneg logéieren. Wann de Maart em dat net liwwert, da muss d'Politik hëllef, och mat aschneidende Moosnamen ! Wéi sot de Jean-Claude Juncker : e schlanke Stat ass eppes fir déi Déck. Déi Normal, déi déi moies opstinn a schaffe ginn, brauchen e staarke Stat op hirer Säit. Een, dee sech këmmert. Een, deen dem Wahnsinn vun Terrainspräisser en Enn setzt, déi haut op den Ar Land méi héich sinn, wéi virun e puer Joerzingten en Héichhaus deier gewiescht wir.

Eis Fraktioun huet am leschte Joer Dosende vu Proposen op den Dësch geluecht, an ëmmer stoung de Marc Lies dobäi u viischer Front. Tenor vun eise Proposen ass ëmmer gewiescht : méi bauen, méi séier bauen, méi bëlleg bauen. Iwwer déi haudeg Perimeteren eraus, mat Emphyteos um Terrain, fir déi verréckte Präisser vum Grond kënnen auszeklameren. Mat vill manner reglementareschen Hürden a Stolpersteng, déi Bauen zu Lëtzebuerg zur Tortur maachen. Mam Wëllen, d'Acteure vum Bau un en Dësch ze bréngen, a sënnngeméiss ze soen, mir hätte gäeren 100.000 Wunnéngen zu engem Präis X de Meter carré.

Kommt, mir leeën emol eng Kéier esou e Präis fest – well d'Regierung mécht et net. Wat ass dann abordabel, wat ass dat verstänneg ? 4.000, 6.000 ?

Kommt, mir schwätze mol eng Kéier mat deene Leit, déi kënne bauen, an déi wëlle bauen, fir erauszefannen, wéi eng Projeten do méiglech wieren, op grousser Echelle. Mir ruffen an deene nächste Wochen eis

Buergermeeschtere beieneen, fir mat hinnen zesummen un enger regelrechter CSV-Bauoffensiv ze schaffen. An zesumme mat deenen, déi bauen. An da stelle mer d'Regierung virun, jo, e Plang. An da soll se eis soen, datt se dee net wëllt, well se jo a Wierklechkeet net wëllt, datt sech um Wunnengsmisère irgend eppes ännert. Mee da wëssen d'Leit et endlech och!

Wéi dacks kréie mer virgeworf, zu eiser Zäit wir et jo och net anescht a net besser gewiescht? D'Wunnengspräisser hu sech an deene leschten zeng Joer bal verduebelt. An zwar besonnesch dramatesch séier zënter datt déi heite Koalitioun regéiert. Sie huet eng Verantwortung, a si refuséiert, se ze iwerhuelen. An och wa mir och eis Problemer mat deem dote Politikberäich haten: dat entbënnt kee vun eis vun der Verantwortung, et haut mussen besser ze maachen, well et ass net fënneg fir zwielef, mee zéng op !

Änneren un deem Misère elo lerschafts- oder Verméigenssteieren eppes? Nee, maachen se net. Dat hunn ech nie behaapt, an dat wir och falsch. Mee datt déi Verméigend, déi Bauterrainen zréckhalen, op eng effikass Manéier derzou solle bruecht ginn, déi endlech fräizeginn, fir datt eppes sënnavolles fir normal Leit kann dorop geschéien, déi soss keen Terrain hunn, dat misste mer

dach all kënnen akzeptéieren. Also, wou ass d'Konzept fir d'Grundsteuer? Mir wollten 2018 eng national Spekulationstax: loosst eis se elo beschreiwen. Dat brauch Courage. Mee ouni Courage keng Léisungen. Mir wëllen och doriwer mat eise Buergermeeschtere schwätzen a kucken, wéi sie déi Saach gesinn. Iwregens: et sinn och déi Verméigend, déi speziell Immobiliefongen hunn. Sie sollen elo mat 20 Prozent op esou Transaktiounen besteiert ginn. Firwat da net mat deem normale Saz, dee se ausserhalb vun deem Fong géife fir dat selwecht bezuelen? Dat wir gerecht. A Gerechtegkeet ass en Thema an eiser Gesellschaft, a mir mussen eis mat em beschäftegen. Besonnesch wann et méi speziell ëm sozial Gerechtegkeet a Kohäsion geet.

Wann 20 Prozent vun de Leit hei am Land an Aarmut liewen oder riskéieren, drann ze falen – dann hu mer e Problem, gell? Wa nom Virus vill méi Jonker sech d'Fro stellen, wou se dann elo sollen eng Aarbecht fannen, dann hu mer e Problem, gell? Wa vill eeler Leit sech alleng spiren, Schwieregkeete mat de Pensionspräisser an de Strukturen hunn, dann hu mer e Problem, gell? Vill vun eisen Deputéierten hunn all déi do Problemer ëmmer nees op der Chambertribün deklinéiert. D'Martine Hansen, de Marc Spautz, de Paul Galles, d'Octavie Modert, d'Françoise Hetto, den Aly Kaes – sie all an anerer méi hunn eiser Suerg ëm déi doten Themen Ausdrock ginn. Sie kréien zwar nogelauschtert, mee et deet sech näischt. Wëlle mer déi Problemer vläicht, wéi ëmmer an der Vergaangenheet, mat blannem Vertrauen an de Wuesstum léisen?

De Wuesstum huet nogelooss dëst Joer. Wéi och net. A mir hu fir d'éischt zënter laange Joeren eng kuerz Period, wou eis wirtschaftlech Zuelen normal evoluéieren. An et schéngt, wéi wa mer näischt méi wéilten, wéi méiglechst séier an dat Hamsterrad zréck, an deem mer bis Mäerz dëst Joer gedréit hunn.

Menge mir, eist Land géif bis an all Eiwegkeet 10, 12 oder 15.000 Awunner pro Joer zousätzlech brauchen – a packen? D'CSV war bei de leschte Walen der Meenung, datt mer dat fir keng brilliant Iddi géifen halen. Dann däerfe mer eis och net elo nees direkt am totale Wuesstumsfetischismus aspäere loossen, well et zum gudden Toun gehéiert. Dëst Land, esou wéi mer et kennen, a seng Gesellschaft, funktionéiere net méi mat enger Millioun Awunner. Eise Sozialsystem muss irgend eng Kéier en Ekiliber erreechen, dee net just duerch manesche Wuesstum garantéiert ass. Et kann net op éiweg esou sinn, datt mer eng fënnestelleg Zuel vun Aarbechtsplaze all Joer musse schafen, fir datt eise Gesondheetssystem weider ka versuergen. COVID ass eng Rupture och fir en Entwécklungsmodell, dee just mat ëmmer méi, ëmmer méi séier funktionéiert huet. Dat musse mer realiséieren, a verschaffen.

Während mer dat maachen, musse mer eis och emol ëm all déi Leit këmmere – et sinn der iwer 100.000 – déi an de leschten zeng Joer déi Lëtzebuerger Nationalitéit kritt hunn. Si sinn dacks wäit vun der Politik ewech, well se eis Sprooch net genuch verstinn a schwätzen, fir aktiv matzemaachen. Mee sie sinn elo Lëtzebuerger Wieler, sie däerfen – a mussen, wéi jidderee bei eis –

wiele goen. Et ass dréngend néideg, datt d'CSV sech eng Démarche gëtt, fir mat dese neie Lëtzebuenger an d'Gespréich ze kommen. Zesumme mat eiser Internationaler Sektoun wëlle mer dat hikeréien. Et bedeit am beschte Fall och, datt eis Partei selwer méi divers a nach vill méi Vollekspartei gëtt, wa mir selwer och vill nei Lëtzebuenger dervun iwwerzeegt kréien, datt d'CSV net just eng Offer fir se huet, mee och un hirem aktive Bäitrag intresséiert ass.

Jo, mir brauchen eng veritabel Industriepolitik. Eng, déi par rapport zu FAGE schon am Ufank hätt kënne soen, wann der keng Mëllech bei eis huet, da baut der och keng Fabrick! Eng, déi positive Ureizer liwwert, amplaz wéinst Duercherneen, Inkohärenz an Inkonsequenz all Investisseur sech et dräimol iwwerleeën ze loossen, ob en zu Lëtzebuerg en Euro wëllt uleeën. Eng Politik, déi d'Chance vun der Digitalisatioun resolute notzt, déi enger moderner Dynamik vu Kommunikatioun a Wëssen entsprécht, wéi d'Viviane Reding net midd gëtt, se anzefuerderen. Eng, déi sech kloer fir Diversifikatioun a Produktioun ausschwätzt, hei am Land an och an der Groussregioun, well mir müssen endlech eist Wuesstum, eis Produktioun an eis ganz Wirtschaftsdynamik an d'Groussregioun projizéieren, wa mer wëllen de Wuesstumskollaps heiheem verhënneren. Dat verlaangt e bësse Kreativitéit, dat verlaangt e bësse Verzicht, mee et kéint zu enger ganz neier industrieller Dynamik fir d'Land a seng Regioun féieren. Mir hunn dach eng Ministesch fir d'Groussregioun, oder? Ob déi wuel schon eng Kéier do war?

Mee dës Politik brauche mer, fir iwwerhaapt nees eppes bei eis ze produzéieren, net fir 5 Prozent Wuesstum an der Moyenne. Mir brauchen se och, fir vläicht e bëssen Dingschtleschtungen, och op der Finanzplaz, ofzefiederer, genee wéi mer do eng Politik vun der resoluter Orientéierung an déi nohalteg Zukunft brauchen. Fonge fir erneierbar Energie, Fonge fir Risikokapital fir jonk Lëtzebuerger an aner Leit, déi bei eis eppes wëllen ënnerhuelen, alles dat brauche mer a misste mer beschreiwen. D'Regierung mécht et sécher net. Firwat géife mir et net maachen ? Mir mobiliséieren elo déi ganz Expertise, déi mer an der Partei an deem dote Beräich hunn, an da komme vun der CSV déi Propositionen, ob déi d'Land nach laang misst waarden, wa se vun der Regierung solle kommen.

Wa mer wëllen eraus aus dem Hamsterrad, da musse mer eraus aus dem Wuesstumszwang. Dat geet awer net, wa mer weierhin de Staatsbudget opblöse wéi e Loftballon! 50 Prozent méi Ausgaben a 7 Joer, dat hält déi stäerkste Staatskaross net op Dauer aus. An all déi Zäit keng Reserven, keng Récklagen, näischt ! Wéi wann et muer net géif. Wéi een et mat 4 Prozent Wuesstum bis dëst Joer fäerdeg bréngt, keng Reserven a keng Récklagen ze hunn a nach Geld muss léine goen, dat ass héier Staatskonscht. Alleng Duerfir hätt de Minister Gramegna am Fong déi Faul Hambier fir déi kuersiichtegste Finanzpolitik verdingt!

Well, léif Frënn: d'Scholde vun haut sinn d'Steiererhéigunge vu muer. Dat war nach ëmmer esou. Mir jubiléieren haut iwer negativ Zënsen, mee wësst der,

wat? D'Kapital muss och eng Kéier rembourséiert ginn. 20 Milliarde Schold, dat ass ee ganze Staatsbudget. Dat op zwanzeg Joer versichen ofzebezuelen, bedeit eng Milliard pro Joer. Wou gi mer déi da net aus? Fir wat genee? Dat huet nach keen eis gesot.

Mir müssen haut soen: dréngend noutwenneg Scholde jo, mee duerno awer kee Muttwëll méi. A virun allem: keng Scholden, fir lafend Ausgaben a Paien ze bezuelen, wéi et dëst Joer war. 1000 Staatsbeamte weider, weider Primmen, weider Leeschtungen, a mir hu keng Anung, wéi d'Recetten am nächste Joer evoluéieren... dat ass am Fong Verrot un de Generatiounen déi kommen. Wa mir wëllen eng Partei fir d'Famill sinn, an dat wëlle mer jo, da musse mer déi jéngst vun de Familljemembere vun haut besonnesch schützen. Nämlich virum Ausginn ouni Grenzen, virun der Schéiriederei vun enger Politik, déi déi nächst Generatioun scho verschold, ier se hir eege Problemer iwerhaapt begéint hunn ! D'Regierung brëscht sech mat hirem Fonds intergénérationnel. An dee fléissen am Prinzip 50 Milliounen Euro d'Joer. 50 Milliounen! Dat ass manner wéi 0,1 Prozent vum PIB. Dat ass d'Zukunft dëser Regierung wäert! Dat sinn déi Jonk an d'Kanner vun haut dëser Regierung wäert!

Dir Dammen an dir Hären,

Et gouf eng Kris virum Covid19. Dat war an dat ass d'Klimakris. Dausende vu Jonken hunn och zu Lëtzebuerg esou laang dat giong dervir demonstréiert, datt mer endlech sollen eescht maache mam Bremse vum Temperaturustiig. Si hate Recht. Si hu Recht.

Wa mer et net packen, dat dramatescht Klammen vun den Temperaturen an de Grëff ze kréien, da brauche mer iwver soss net méi vill ze schwätzen. Da wäerten déi nächst Generatiounen eis fir eis Feigheet an eis Onfäegkeet, dat Néidegt ze ënnerhuelen, verfluchen. Wann d'Temperaturen ëm dräi, véier oder méi Grad klammen, da flitt déi Welt, déi mer kennen, a Fatzen. Da kënnen d'Norweger zwar roude Wäin ubauen, mee mir ploen eis da mat de Klimaflüchtlingen aus Griicheland a Spuenien. Dann hëlleft et net méi, datt mer haut kënne steierfräi ierwen, well da féieren d'lerwe vu muer e Liewen am stännege Misère. Wa mer et jee eescht gemengt hu mat de Sonndesspréich vu wegen « d'Kanner sinn d'Zukunft », dann ass et un eis, fir HAUT derfir ze suergen, datt se iwverhaupt eng Zukunft kënnen hunn !

D'CSV huet virun engem Joer zu Rodange beschloss, datt mir wëllen handelen. Datt mer déi industriell Transitioun an d'Emissiounsfräiheet konsequent an decidéiert ënnerstëtzen. Lëtzebuerg ass haut esou zimlech dat eenzegt europäescht Land, dat nach keng Waasserstoffstrategie virgeluecht huet. Mir hätten däer gäer eng. Mir wëlle net, datt Lëtzebuerg den Zuch vun der nächster industrieller Revolutioun verpasst, well de Mann mat de laangen Hoer um Kierchbiërg jenseits vum elektreschen Auto keng Virstellungen zur Energie vu muer huet. De Stroum produzéiert sech net selwer, a virun allem späichert en sech net selwer. Wann dës Regierung sech net vum selwen zum Waasserstoff bekennt, da musse mer se dohinner dreiwen. Zesumme mat all deenen industriellen a gesellschaftlechen Acteuren,

déi méi wäit gesinn, wéi de Mann am Héichhaus. Den elektresche Velo ass keng Äntwert op d'Froe vun der Industrie vu muer. Waasserstoff ass se.

D'CSV huet zu Rodange och gesot, datt CO2 muss e Präis hunn. Dat ass esou, et huet alles e Präis, a klimaschiedlech Emissiounen mussen och een hunn. Elo kann een onendlech laang rondrëm d'Dëppen dréien, fir ze vermeiden, datt irgend een an der Gesellschaft rose gëtt, well dann irgend eppes méi deier gëtt – mee da setze mer eisen Usproch net ëm! Et huet och kee Wäert, sech hanner aneren ze verstoppen, déi anscheinend méi ausstoussen, ewéi mir. China wäert ganz drastesch Emissiounsreduktiounen an de nächste Joeren hikréien, déi froen do och net jidder Chinees eenzel, ob en domat d'accord ass. Wann dee verstännege Kandidat an de Vereenegte Staten den 3. November wënnt – wat ech vun Häerzen hoffen – da maachen och d'USA nees am globale Concert vum Klimaschutz mat. Mir ku kee Grond, keen Argument, fir et net ze maachen. Ausser, datt mer eis net wëllen trauen. Mee mir mussen eis trauen.

Léif Frëndinnen a Frënn,

Alles dëst sinn Erausforderungen, deene mer eis mussen a wëlle stellen. An all de genannten Domainen, an a villen aneren, ass d'CSV gefuerdert. Och bei der banneschter Sécherheet, wou villes am ganz uerge läit. Villes dovun huet

mat Drogen ze dinn an d'äer Kriminalitéit, déi se finanzéieren – do ass och d'Virbereedung vun islamisteschem Terror derbäi. Oder an der Bildungspolitik. Oder bei der Mobilitéit. Oder bei der Landesplanung, déi net stattfënnt. Mir huelen et op de Leescht. Mat all eise Memberen zesummen, mat all eisen Humanressourcen, wéi dat am moderne Slang heescht – mee et ass am Fong e schéinen Ausdrock. Eis Membere sinn eis Ressource. Sie erwaarden sech eng lieweg Partei, eng Partei, wou et Freed mécht, sech ze engagéieren. Ze dacks ass an der Vergaangenheet den Androck entstanen, dat wir alles eriwwer. Am Géigendeel. Et fänkt eréischt un.